Duerno si mer duerch dee groussen interaktive Musée gaang, wou mer de Wee vum Einzeller bis hinn zu den Dinosaurier gesinn hunn. Nieft villen Informatiounen, Skeletter a Fossilien, huet de Gondwana eis oft an eng kënstlech Urwelt verféiert, an där d'Geräischer, d'Kulissen an d'Riesereptilien esou reell ausgesinn hunn, dass d'Kanner bis zum Schluss ëmmer rëm gefrot hunn, ob déi rieseg Dinosaurier lieweg sinn oder net.

Vun all deenen Andréck faszinéiert, si mer an een donkele Raum komm, wou eis d'Zäitresefirma ZERA aus der Zukunft begréisst hat. Nodeems mer eise Boarding-Pass ofginn haten, konnte mer allkéiers zu zwee duerch d'Zäitschleis reesen. Déi Maschinn huet eis vum 21. Joerhonnert zrëckbruecht bis bei d'Dinosaurier. Op deem spektakuläre Wee hu mer ënner anerem gesi wéi d'Ägypter, d'Ritter an d'Urmënsche gelieft hunn.

No enger gudder Spaghetti konnten d'Kanner schlussendlech nach e Souvenir kafen a sech op der Indoorspillplaz austoben. Et war e schéinen Dag, souwuel fir d'Kanner wéi fir déi Grouss.



Cycle 1 um Camping Kengert



Cycle 1 um Camping Kengert



Cycle 1 um Camping Kengert



Cycle 2.1 um Pæerdshaff
zu Brouch

Cycle 2.2 um Stauséi
zu Léifreng



Cycle 3 zu Iechternach



Cycle 4 zu Paräis



D'Angsber Schoul
op Ausflug



Champignonen

vum Olivier Molitor

Wat ass e Champignon? Dat wat mir vum Champignon gesinn ass just ee klengen Deel, an zwar de Fruuchtkierper dee just zur Fortpflanzung déngt. De Rescht befënnt sech am Buedem.

Eng laang Zäit gouf ugeholl dass Champignonen zu den Déieren oder de Planzen zielen, mee si bilden nieft dem Déieren- a Planzeräich een eegent Räich. T'Champignonen hunn eng grouss ökologesch Bedeitung, sief et als Zersetzer vun doudegem organeschem Material (Destruenten), sief et zur Ënnerstëtzung vu lieweche Planzen (Mykorrhiza) oder zum Zerstéiere vu Planzen (Parasitismus).

Champignonen hu fir den Mënsch eng grouss Bedeitung als Iesspilz, Produktioun vun alkoholeschem Gedränk a Mëllechprodukter, awer och als Heelpilz wou si eng medizinesch Bedeitung hunn an als Antibiotika wéi dem Penicillin gebraucht ginn oder als Krankheetserreger optrieden. Och am Bësch ginn et schiedlech Champignonen wei den Zunderschwamm (Bichen an Bierken) oder den Hallimasch (Fichten). De Mënsch konnt den Zunderschwamm awer verwenden. Wei den Numm et scho seet, als "Zunder", oder en huet t'Fruuchtfleesch zu Filzähnlechem Material verschafft.

An Europa ginn et iwwer **5000** verschidde Champignonen, dovu sinn der **150 gëfteg**, awer déi mannst si liewensgefëierlech. Fréier hunn d'Mënschen ugeholl, dass nëmmen déi Aarte gëfteg wieren, déi vun Déieren ugefriess goufen. Dat war awer eng grouss Feelinterpretatioun. **Dofir soll een nëmmen déi Champignonen plécken, déi een kennt.** Déi gëfteg Champignonen ginn an zwou Klassen gedeelt:

Vergëftungssyndrome mat **laanger** Latenzzäit (4 Stonnen – puer Deeg)

Vergëftungssyndrome mat **kuerzer** Latenzzäit (15 Minuten – 4 Stonnen).



Zu Lëtzebuerg ass den **Grüner Knollenblätterpilz** dee geféierlechste Champignon. 60 Gramm dovun si fir en Erwuessenen déidlech. Duerch Féierkennung vun de Symptomer ass d'Mortalitéit duerch Vergëftung op 10-15% gesonk. Déi éischt Symptomer trieden no 8-24 Stonnen op, an dann huet d'Gëft sech scho bal vollstänneg verbreet.

National Gesetzgebung iwwer Champignonen:

Zu Lëtzebuerg gëtt et e « Règlement grand-ducal du 8 janvier 2010 concernant la protection intégrale ou partielle de certaines espèces de la flore sauvage » wat d'Plécke vu Champignonen reglementéiert:

Art 3. Les plantes et **champignons** énumérés aux **annexes B1 et B2** du présent règlement sont **partiellement** protégés. Il est interdit d'en arracher, d'en endommager ou d'en détruire les parties souterraines. De même il est interdit d'enlever avec motte de terre des individus de ces espèces. Seules les parties aériennes de ces plantes et champignons peuvent être cueillies.

Art 5. Les lichens et **champignons** lichénicoles énumérés à l'**annexe A** du présent règlement sont **intégralement** protégés. Tous les autres champignons sont **partiellement** protégés...A l'exception des espèces énumérées à l'annexe B2 il ne peut être prélevé que trois spécimens par espèce et par personne à des fins d'études. **La cueillette manuelle**, dans un but non lucratif, des espèces énumérées à l'annexe B2 est autorisée à raison d'une quantité de **1kg** poids frais par personne et par jour, toutes espèces confondues. La cueillette **en groupe de plus de 3 personnes**, dans le cadre d'excursions familiales ou collectives à but didactique, est autorisée à raison d'une quantité maximale de **3 kg** poids frais par groupe et par jour, toutes espèces confondues. Les récoltes organisées et/ou à but commercial sont sujettes à autorisation du Ministre ayant la protection de la nature dans ses attributions.

Annexes : voir Mémorial A – 14 du 1^{er} février 2010, p. 210

Nach e puer Besonneschheeten:

De gréisste Champignon vun der Welt ass en Hallimasch aus den USA. Gréisst 880 Hektar a geschätzten 600 Tonnen.

De Champignon mat deem gréisste Fruuchtkierper steet a China, 10 Meter laang, tëschent 82 an 88 cm breet an tëschent 4,6 an 5,5 cm déck.



Naturpark Mëllerdall

Auf dem Gebiet der 13 Gemeinden Beaufort, Bech, Berdorf, Consdorf, Echternach, Fischbach, Heffingen, Larochette, Mompach, Nommern, Rosport, Vallée de l'Ernz und Waldbillig soll der künftige Naturpark Mëllerdall entstehen.

Zurzeit wird die so genannte *étude détaillée* zusammen mit allen interessierten Bürgerinnen und Bürgern ausgearbeitet. Diese Studie kann man als eine Art Fahrplan verstehen, der die Themen und deren Finanzrahmen im zukünftigen Naturpark für die nächsten zehn Jahre festlegt und beschreibt.

Insgesamt gibt es vier Arbeitsgruppen, die sich schwerpunktmäßig mit den folgenden Themen befassen:

AG 1: Landwirtschaft, Natur- und Landschaftsschutz, natürliches und kulturelles Erbe

- Wissenschaftliche Untergruppe: „Geologie“

AG 2: Alternative Energien und Forstwirtschaft

AG 3: Tourismus und wirtschaftliche Entwicklung, Vermarktung regionaler Produkte inklusive kulturspezifischer Tourismusprodukte

- Wissenschaftliche Untergruppe: „Kultur und Archäologie“

AG 4: Positionierung des Naturparks, Öffentlichkeitsarbeit, Regionale Identität und Lebensqualität inklusive Natur- und Kulturerziehung

Wie Sie an der thematischen Ausrichtung der Arbeitsgruppen erkennen können, geht es in einem Naturpark nicht ausschließlich um Natur, wie der Name vielleicht vermuten lässt. Vielmehr wird versucht alle Aspekte zu berücksichtigen, die mit der nachhaltigen Entwicklung unserer Region zu tun haben.

Bisher haben rund 140 Bürgerinnen und Bürger am Entstehungsprozess des künftigen Naturparks Mëllerdall teilgenommen. Wir möchten uns dafür herzlich bedanken!

Wenn auch Sie sich gerne an den Arbeitsgruppen beteiligen möchten oder mehr wissen möchten, dann melden Sie sich bitte bei Herrn Claude Petit, Koordinator der Aktivitäten des künftigen Naturparks oder besuchen Sie unsere neue Internetseite www.naturpark-mellerdall.lu.

Sur le territoire des 13 communes de Beaufort, Bech, Berdorf, Consdorf, Echternach, Fischbach, Heffingen, Larochette, Mompach, Nommern, Rosport, Vallée de l'Ernz et Waldbillig va être créé le futur parc naturel Mëllerdall.

En ce moment est élaboré l'*étude détaillée* avec tous les citoyens intéressés. Cette étude équivaut à un plan qui fixe et décrit les thèmes ainsi que le cadre financier du futur parc pour les prochaines dix années.

Il existe quatre groupes de travail (AG) qui aborderont principalement les sujets suivants :

AG 1: Agriculture, protection de la nature et des paysages, patrimoine culturel et naturel

- Sous-groupe scientifique : « Géologie »

AG2 : Énergies renouvelables et gestion forestière

AG 3: Tourisme et développement économique, promotion de produits régionaux, y compris produits touristiques culturels spécifiques

- Sous-groupe scientifique : « Culture et archéologie »

AG 4: Positionnement et relations publiques du parc naturel, identité régionale et qualité de vie, y compris éducation à l'environnement et à la culture

Comme vous avez pu voir en consultant l'orientation thématique des groupes de travail, un parc naturel ne se limite non seulement au sujet de la nature mais englobe plutôt tous les aspects relatifs au développement durable de notre région.

Jusqu'à présent environ 160 citoyennes et citoyens ont participé au processus de création du futur parc naturel Mëllerdall. Nous voudrions leur adresser nos remerciements !

Si vous voulez aussi participer dans les groupes de travail ou si vous voulez savoir plus, prenez contact avec Monsieur Claude Petit, coordinateur des activités du futur parc naturel ou visitez notre nouveau site internet : www.naturpark-mellerdall.lu





Kontakt/Contact:

Claude Petit
Syndicat Mullerthal
8, rue de l'Auberge
L-6315 Beaufort
Tel.: +352 26 87 82 91
E-Mail/Courriel: claud.petit@naturpark-mellerdall.lu
Internetseite/site internet: www.naturpark-mellerdall.lu



Skoda-Tour de Luxembourg 2013



Tour-Gewënner:

- 1. Paul Martens**
- 2. Jonathan Hivert**
- 3. Jan Bakelants**

Classement vun de Lëtzebuerger:

- 5. Bob Jungels**
- 23. Ben Gastauer**
- 26. Jean-Pierre Drucker**
- 44. Tom Thill**
- 51. Laurent Didier**
- 70. Christian Helmig**

De Bob Jungels huet déi 4. Etap vu Miersch an d'Stad gewonnen.



Mediterrane Gaart zu Schwéidsbeng

Ausflug vum Gaart an Heem

De 6. Juli war de Gaart an Heem op en Ausfluch an de mediterrane Gaart op Schwéidsbeng. Dëst ass e private Gaart deen an de vergaangenen 30 Joer vun 2 Leit ugeluecht ginn ass. Enn 2009 goung en als Schenkung un d'Fondatioun Hëllef fir d'Natur, an ass elo fir all Interesséierten zougänglech. Mir woren matt enger klenger awer lëschtger Grupp eis dës schéi Plaaetz ukucken, a kruten duerch eng Landschaftgärtnerin déi néideg Erklärungen zu de jeweilige Blumen a Planzen.

Duerno hu mir bei allerbestem Wieder den Apperitif op der Terrasse vun der Tourelle zu Stadtbriedemes geholl, an dunn och do ganz gutt zu Owend giess.



33



Fëschber Gemeinde

Schulfest 2013

Seit mehreren Jahren organisiert die Elternvereinigung das Schulfest in der Gemeinde Fischbach. Seit 2011 bin ich auch Mitglied und habe das Fest für die Kinder, Lehrkräfte und natürlich die Eltern und andere Freunde mitorganisieren dürfen.

Obwohl das Fest eigentlich von 16:00 bis 21:00 Uhr dauert, bringt die ganze Organisation viel Arbeit mit sich, derer sich die meisten Menschen nicht bewusst sind. Dafür ist auch die Hilfe nötig von vielen Eltern und anderen Freiwilligen.

Die Vorbereitungen fangen eigentlich schon am Anfang des neuen Schuljahres an. Das Feststellen des Datums, und die Evaluierung des vorherigen Festes. Die wirklichen Vorbereitungen fangen dann Mitte April an mit dem Reservieren des Discjockey, den Getränken und Kühlwagen. Auch wird sich geeinigt auf das Programm, wobei die Kinder natürlich mit ihrer Talent-Show im Mittelpunkt stehen. Das Programm wird mit der Schulleitung, sowie der Maison Relais besprochen.

Sobald alle Beteiligten sich dann auf das Programm geeinigt haben werden die definitiven Reservierungen bestätigt. Dann werden diverse Briefe geschrieben und verteilt, wie z.B. die Einladungen für die Kinder für die Talent-Show, den Briefen für die Sponsors der Tombola, die Informationsblätter für die Eltern und die Formulare für die Unterstützung des Festes.

Auch werden die Einkaufslisten für die Grilladen, Getränke, Kaffee und Kuchen vorbereitet und bestellt.

Dann werden alle Sponsoren für die Tombola besucht und um eine kleine Spende gebeten. Die Sponsoren kommen nicht nur aus unserer Gemeinde, sondern auch aus anderen Gemeinden, wie aus dem Umkreis von Luxemburg-Stadt, Mersch, Ettelbruck, Ingeldorf und Diekirch.

Sobald alle Anmeldungen für die Talent-Show abgegeben sind, wird das Programm eingeführt und die Generalprobe organisiert. Dies ist dann eine Woche vorher im Vereinshaus, wo auch Discjockey „Roadrunner“ daran teil nimmt. Auch werden die verschiedenen Schilder, Preislisten und die Tombola vorbereitet.

Am Donnerstag vor dem Fest, müssen dann alle Sachen, die für das Fest benötigt werden, zur Schule gebracht werden. Abends werden dann mit Hilfe von 6-8 Leuten, meistens den Vätern, die 3 großen Zelte aufgerichtet, die Bühne, Biertische und Bänke aufgestellt.

Dann kommt auch der Getränkewagen und das Grillzelt muss eingerichtet werden.

Freitag morgens wird dann früh angefangen. Verschiedene Mütter bereiten den Kaffee, die Croissants und die Spaghetti für 150 Leute vor. Ein paar andere helfen beim Wasser- und Elektrisch-Anschluss.

Dann um 11 Uhr kommt der Discjockey und installiert mit Hilfe eines Alt-Schülers, die Ton- und Lichtanlage.

Um 12 Uhr sind alle Kinder der Schule zurück von Ihren diversen Aktivitäten, die von den Lehrkräften organisiert sind und haben Hunger. Die Spaghetti ist dann bereit und zum Nachschick gibt es Eis.

Um 4 Uhr treffen dann die ersten Eltern ein und das Fest kann beginnen mit, um 18:00 Uhr, dem Höhepunkt des Abends, der Talent-Show, wo die Kinder sich gut vorbereitet haben, um Ihren Eltern und anderen Bekannten ihr Können zu demonstrieren.

Dann wird ab 22 Uhr angefangen die Sachen wiederabzubauen. Am Samstagmorgen muss dann der Rest aufgeräumt und geputzt werden. Auch hierfür sind viele Eltern nötig.

Wie Ihr seht, ist die Elternvereinigung jedes Jahr abhängig von der Hilfe vieler Eltern und ich möchte mich, im Namen der Elternvereinigung, für die Hilfe die wir jedes Jahr bekommen, bedanken.

Patrick Denessen, APEF



BISTRO „AN DER KEILCHEN“



AM ALEN VERÄINSBAU
RUE DU LAVOIR ZU
FËSCHBECH

Op Initiativ vun de Wiichtelcher vu Schous an de Maarkollefen vu Fëschbech hinn, gött et säit kuerzem een neien gesellegen Treff fir gemittlech zesummen ze poteren, ze diskutéieren an dobäi e Maufel z'iessen an dobäi e Pättchen zesummen ze drénken: de Bistro „an der Keilchen“ zu Fëschbech am ale Veräinshaus an der rue du Lavoir.

De 15. Mäerz hu mir Ouverture gefeiert a vun do u si mir all leschte Freideg am Mount vun 20.00 Auer bis 1.00 Auer fir lech op.

D'Idee heibäi ass, fir allen Awunner aus eiser Gemeng e Kader ze bidden, wou een sech regelméisseg trëfft, fir op déi Manéier Jonk an Al, Lëtzebuerger an Net-Lëtzebuerger an al an nei Matbierger zesummenzebréngen an esou zu enger méi lieweger an dynamescher Duerfgemeinschaft bäizedroen. A wa mer éierlech sinn, wou geschitt Integratioun besser wéi bei gemittlechem Zesummesinn an engem gudden Pättchen.

All Client dee bis elo do wor, an eis seng Handynummer gelooss huet, kritt ëmmer an der Woch virun der nächster Soirée eng SMS, fir en un den Datum ze erënneren. Wann Dir och vun dësem Service wëllt profitéieren, mell lech beim Mike um 691 649 271.

Nei ass och elo datt mir eng Bibliothék mat interessante Bicher do stoen hunn. Des Bicher kennt Dir och mat heem huelen, eenzeg Konditioun ass déi, datt jiddereen, deen e Buch mathëlt respektiv ausléint, een anert Buch aplaz stellt.

Fir d'Zukunft sinn dann och verschidde Soiréeën oder Themenowender geplangt. Sou wäerte mir am Hierscht emol e Kéisowend mat Roudem Wäin a Baguette organiséieren.

Fir den nächsten Datum, den 30. August proposéiere mir lech eng Salade paysanne (Zalot, Speck, gebroden Gromper, Spigelee...)

Mellt lech hefir w.e.g. u beim Mike um Telefon 691 649 271 bis de 26. August. Maacht lech bäi, eis Plazen si begrenzt an déi éischt si vir.



Eng Initiativ vun de
Wiichtelcher vu Schous an den
Maarkollefen vu Fëschbech



Walen 2013 an

Marianne Brosius-Kolber / CSV

Du bass elo 10 Joer kommunal-politesch an eiser Gemeng engagéiert, dovunner 8 Joer als Buergermeeschtesch. Elo bass du fir d'zweet um national-politische Parkett bedeelegt. Du bass Kandidat vun där gréisster Partei am Land fir déi virgezunne Neiwalen am Oktober. Wat ass deng Motivatioun, niewent denger Aarbecht als Buergermeeschtesch och Nationalpolitik wëllen ze gestalten?

Meng Motivatioun ass et eppes ze bewierken! Ech wëll hëllefeng Politik ze gestalten, wou et ëm de Mënsch a seng Liewensqualitéit geet. Als Responsabel vum Accueil gérontologique am Altersheim an als Infirmière hunn ech mech ëmmer agesat fir déi Leit, di Hëllef brauchen. Als Buergermeeschtesch kennen ech de Bierger a Biergerinnen hir alldieglech Problemer genuch, fir motivéiert ze sinn, um nationalen Niveau mat unzepaken!

Wat bedeit et fir dech perséinlech an och familiär, Kandidat fir d'Wahlen vum 20. Oktober ze sinn?

Ech si frou eng zweete Kéier d'Chance kritt ze hunn, Kandidatin ze sinn. Di Erfahrung vum 2009 wëll ech net mëssen a kommen mir zugudd. Et war awer net einfach op di Lëscht ze kommen an et huet mech immens gefreet, dass ech am decisive Moment op esou vill Ënnerstëtzung konnt zielen.

Fir meng Famill heescht dat di nächst Wochen e wéineg zrécktrieden. Dat ass awer fir si kee Problem, well si mech kennen a wësse wivill mir u mengem Engagement leit. Ausserdeem ass et dës Kéier jo eng extrem kuerz Wahlkampfperiod.



Wat wier de Virdeel fir eis Gemeng an doriwwer eraus, fir de Kanton Miersch, sollts du et packen, an d'Chamber gewielt ze ginn?

De Virdeel wier, dass de Kanton Miersch an der Chamber vertruede wier, mat alle Konsequenzen di dat bedeiten. Et ass wichteg dass mir als Regioun gehéiert ginn, dass mir di néideg Kontakter kënnen knëppen an dass eis Regioun sech op allen Niveaue weiderentwéckelt.

Als Volleksvertrieder hätt ech selbstverständlech och national Aufgaben, déi iwwert de lokale Gedanke stinn. Däers sinn ech mir voll bewusst.

Wat wieren deng politesch Prioritéiten als Parlamentarier?

Meng politesch Prioritéit sinn d'Kannerbetreuung, d'Jugend an den drëtten Alter. Di demographesch Entwécklung vun eiser Populatioun bréngt grouss Erausforderunge mat sech. Di aktuell Situatioun um Wunnensmaart, de Jugendchômage an d'Ëmweltpolitik sinn aner Themen, wou ech probéiere wëll, hei zu Lëtzebuerg eppes ze bewierken. Ech fannen, dass all Gebidder mussen zesumme gekuckt a behandelt ginn, well ëmmer alles aneneegräift!

Wat häls du perséinlech vum Cumul vun den Ämter, z.B. Député-Maire, also gläichzäiteg Buergermeeschter vun enger Gemeng ze sinn an och an der Chamber ze sëtzen?

De Cumul vun de Mandater ass di lescht Walen e permanenten Thema gewiescht! Et ass näischt geännert ginn op deem Niveau.

Als Lokalpolitiker mengen ech ze wëssen, wou de Schung dréckt a wou mir mussen upaken, dofir ass et menger Meenung no och wichteg, dass Schaffen a Buergermeeschter an der Chamber vertruede sinn!

De Moment schaffen ech 25 Stonnen an der Woch am Altersheim. Déi Aarbecht misst ech opginn an dann hätt ech genuch Zäit fir meng Aufgab als Parlamentarier. Dat geet well mir eng kleng Gemeng sinn. (Eng Tatsaach, di meng Chancen Deputéiert ze ginn par rapport zu engem Buergermeeschter aus enger grousser Gemeng drastesch erofsetzt)

Wéi déi Persounen dat maachen, di 40 Stonne Congé politique hunn fir hir Gemeng ze geréieren an an der Chamber vertruede sinn, kann ech net soen! Um lokalen Niveau hu si natierlech méi Ressourcen.

Marie-Louise HaasErpelding / ADR

Du bass säit de Gemengewahlen vum 9. Oktober 2011, Gemengeconseiller an eiser Gemeng. Och bass du säit ville Joer parteipolitesch an enger Partei engagéiert an elo fir d'drëtt Kandidat fir déi virgezunne Neiwalen am Oktober. Wat ass deng Motivatioun, niewent denger Aarbecht als Conseiller och Nationalpolitik wëllen ze gestalten?

Säit 2011 sin ech Conseiller an eiser Gemeng. Ech hu 25 Joër am Populations-Bureau geschafft, hunn all Awunner kannt, och hir Suergen déi si sech ëm d'Zukunft machen. Datt huet mech motivéiert fir d'Chamberwahlen ze kandidéieren an zwar elo fir d'drëtte Kéier

Wat bedeit et fir dech perséinlech an och familiär, Kandidat fir d'Walen vum 20. Oktober ze sinn?

Jiddereen dee mat an d'Chamberswale geet, wëllt gewielt ginn. Datt wëll ech och an duerfir ass et mir eng grouss Freed, mech de Wieler ze stellen. Meng Famill steet voll hannert mir.

Wat wier de Virdeel fir eis Gemeng an doriwwer eraus, fir de Kanton Miersch, sollts du et packen an d'Chamber gewielt ze ginn?

Kloer ass, giff ech an d'Chamber gewielt ginn, datt ech mech honnertprozenteg fir meng Gemeng an och fir eis Regioun asetze wäert. Als Zentrumsbezierk ass de Kanton Miersch ëmmer e bëssche benodeelegt, ass d'Stad Lëtzebuerg dach mat sengen Uleeërgemengen populationsméisseg eisem Kanton héich iwwerleeën an huet doduercher bei Walen e klore Virdeel..

Wat wieren, deng politesch Prioritéiten als Parlamentarier?

Chomage, Immigratioun, aktiv Integratioun, Schoulsystem, bezuelbare Wunnengsbau, behënnertegerecht Gemen-gen(öffentlechen Transport, Zougang zu öffentleche Gebaier, Trottoiren asw.), eng ugepasste Rent, datt jiddereen e sécheren Liewensowend ka verbréngen. Als Parleментарier huet ee vill méi Méiglecheeten a vill méi e kurzen Wee, sief dat bei Subsidienufroen, Autorisatiounen asw.

Wat häls du perséinlech vum Cumul vun den Ämter, z.B. Député-Maire, also gläichzäiteg Buergermeeschter vun enger Gemeng ze sinn an och an der Chamber ze sëtzen?

Kumul vun den Ämter: Dat fannen ech nët gudd. An der Bibel stong schonn: Niemand kann zwei Herren dienen. Ech ka mir beim bëschte Wëllen nët virstellen datt hei eng gudd Arbecht geleescht gëtt, well do kéint ëppes ze kuerz.



Porfest 2013

Den drëtte Sonndeg am Juli hunn d'Gesangsveräiner aus äiser Gemeng op hiert traditionellt Porfest invitéiert. D'Fest huet moies mat enger feierlecher Mass zu Fëschbech ugefaangen, déi vum Gesangveräin vun Amber-Gonnereng a Buerglënster, engem Chouer aus der Nopeschgemeng, gesong gouf. Duerno gong et op d'Héicht wou den Apéritif an de Mëttemenu zerwéiert goufen. Net grad 200 lessen waren am Viraus bestallt ginn, soudatt d'Kichen bal ze kleng wor an ais Mataarbechter all Hänn ze dinn haaten.



Nomëttes huet de Romain Thielen fir déi gutt Stëmmung gesuergt. Bei gefälliger Musék ass d'Danzpist net eidel bliwwen a bei den héichsummerlechen Temperaturen ass sou muncher ee gutt an d'Schweesse komm. Owes stoung nach e gesellegen Owend bei Fritten, Ham an Zalot um Programm, sou wéi dat schonns Traditioun ass.

En Deel vum Erléis vum Fest geet ewéi gewinnt un e gutt Wierk. Dëst Joer hunn d'Gesangsveräiner sech fir d'Organisatioun „Wäertvollt Liewen „ agesaat, déi Patienten mat der ALS-Krankheet ënnerstëtzt. Weider Informatiounen iwwert d'Krankheet an d'Associatioun fënnt een um site: www.waertvollt-liewen.lu.

38

Um Enn nach e bëssi Statistik:

1.100 Flyer a Plakater sinn bei Tripint an den Drock gaang

196 réservéiert Menuen nomëttes, fir déi 58 kg Fleesch a 16 kg Champignone verschafft goufen

60 Kg Fritten sinn an den Ueleg gezappt ginn

35 Heeder Zalot an 15 l Vinaigrette sinn erausgaang

400 Tombolalousen fir 125 attraktiv Präisser waren am Verkaf

13 Mataarbechter op déi mir zielen kënnen hunn äis mat vill Engagement gehollef

E grouse Merci dann der Gemeng dofir, datt mir de Veräinsbau notzen dierfen, dem Laurent Degraux fir seng Hëllef op der Plaz a natierlech net ze vergiessen all äise Gäscht a Persounen déi gehollef hunn, datt äist Fest e Succès ginn ass. De nächste Rendez-Vous kënnt Dir lech schonns notéieren an zwar den 20. Juli 2014.





Mach mat bei Fairtrade

FAIR TRADE

Wat wëlle mir?

Mir wëllen eng Fairtrade Gemeng ginn an doduerch de fairen Handel ënnerstëtzen.

Firwat wëlle mir dat?

D'Produzente vun deene Produkter, déi mir am Alldag benotzen an déi aus manner privilegiéierte Géigende kommen, sollen e faire Präis garantéiert kréien.

Wee soll dat maachen?

Mir alleguer si gefuerdert: Gemeng, Veräiner, Schoul, Maison Relais an all Eenzelnen.

Wéi profitéieren d'Produzente vun där Aktioun?

Si hu besser Aarbechtsbedingungen, kënnen besser plangen, sinn net ofhängeg vum Welthandel, kréie Schoulungen. Si hu méi Sécherheet an hir Kanner kënnen an d'Schoul goen.

Wat ass Fairtrade?

Fairtrade ass eng Strategie fir Aarmut ze bekämpfen. Doduerch dass den Handel méi gerecht gëtt, soll d'Situatioun vun de Produzenten an Afrika, Asien a Südamerika verbessert ginn.

Si kréien ee besseren a méi direkten Zougang zu de Mäert am Norden, gi manner vun Zwëschenhändler ofhängeg a kënnen sou hir Aarbechts- a Liewensbedingunge laangfristeg verbesseren

Save the date: 10. November 2013 vun 9.00 – 11.30 Auer

“FAIRE KAFFI” am Veräinshaus op der Héicht zu Schous



D'Membere vum Aarbechtsgrupp:

vu lénks no riets: Michèle Konsbrück-Wagner, Lucie Mensen, Jeff Bissen, Marianne Brosius-Kolber, Simone Majerus-Schmit et feelt: Liz Brosius





Biller- & Foto-Ausstellung

De 14. a 15. Dezember 2013, proposéiert d'Kulturkommissioun aus der Gemeng Fëschbech, eng Ausstellung vu Fotoen, Biller a Skulpturen, fir Kënschtler aus eiser Gemeng.

All interesséierte Kënschtler ass gebieden, den 8. Oktober 2013, um 20 Auer, am Veräinshaus op der Héicht zu Schous, verschidde vu sengen ausgestellten Objeeën engem Jury ze präsentéieren.

Info an Umellung um:

eMail: flower@pt.lu (Viviane Wolff) oder um Telefon: 621-139 328 (Marco Karier)

